

103,6 MHz 100.3 auheue collectine an deren Sturm

XIII 1

bid a schwein g. d'fesch v. l. f. am zte Weltkr.

zim journie O. J. 1947 Ried Conrad

Den ouer bescher Leidung iwer de 3. journie O. J. den 29 + 30 August 1947 habe
mir versprecht d' Ried vun Generalsekretär vun der Allie Vereinigung a enger extra in
Emisionn gehéigen. Den zwak will nie d'Schmeiken eso tuffend euen fett wei de
Aermols, 2 foer no Krichsun, zuo Liefbuug war; dat hiech wot de Riedt d' Sieden
an de Repatriement vun dienj noch feelende jungen betrefft. Mir holen od gesoh
dass van Kader vun deser journie sur dem 'épée' van duizende vun jungen durch
d'Kriessen vun der Stad auf haufschichten am Cercle febi war: Den am Bereich hu
mir gelies: Kaum sin dei éecht Verbieder vun de Sektionsn an de Cercle uergang
do iwerschweinnt s' formeleet Menschenmier d'Place d'Armes. d'Munigue Mitglied der 2^e
Jenie intoneert e pur Kiessch, während den Cercle noch bis op dei leecht Platz
~~steht~~ füllt. Als offziel Verbieder sin erwiesen:

den Här Collart als Verbieder vun Heroldhaus - Regionys, uelysider -
d'Delegat vun de Marquisardien vun Manzel an d'Malgré-hous vun Metz.

de Vicomte Berryer, Gesandte vun Belgien, den Här Saffroy, Gesandte vun Frankreich
van Amerika den G. Th. Waller an de kolonel Watom.

Des weideren war de fassengerot vun Liefbuug der Stad Liefbuug do, de Radio (TV ass de
noch net gen), an d'Pres van och ~~gang~~ ~~bergleich~~ de Comité vun der Elternvereinigung.
Merkerlech war od d'Sektionn Goddelung nach enger sterken Delegatioun vertrieden wi'
och Comité's Membern vun der Sektionn Goddelung vun der Allie vereinigung.

Die ~~den~~ Teak vun Här Conrad sinper Ried:

Er war ab den Teak vun Här Conrad sinper Ried hinen erinnere mir drum das aus
August 1947 zwar solc will jungen euen dolém waren. Ob die Tambour waren 1945 an 3 komöien
hén kom, aber nach emme han der will gefeekt a mirn allem was d'Schicksaal
vu willen ~~noch~~ onkber oder keing Noraché lache wir.

Hei ob den Texh vun Hie Ennrad zeugen Ried

Dir Dammen, Dir Hèren!
Le'f Jongen!

D'Elterenassociatio'n huet mat Fréden de Virschlag vum Comité vun der Ligue «ONS JONGEN» ugehol, am Cadre vun den heitegen Feierlechkeiten e puer Wieder Iech, le'f Jongen, ze rieden. Sie entspricht dém emso' le'wer, als Dir all, de' der d'Gléck hât d'Hémecht schon eschter eremzegesin, dobaussen an de militäresche Formatio'n vum verhässten Okkupant, durch de ganze Continent verstrét, trei Frénn a Kamerode wart vun dénen, op de' mir seit Joer an Dâg warden, an de' mer elo, dank de leschten Versécherungen vun S. Exc. dem Generol Golubiev, begrönnt Hoffnung hun, a kurzer Zeit eremzegesin.

Op den heitegen Dâg, den 30. August, huet virun 5 Joer de preisischen Gauleiter onse'legen Un-denkens 15 000 letzeburger Jongen an d'Wehrmacht forceert. Dén Dâg ass o'ni Zweiwel de schwärzten Dâg an der letzeburger Geschicht, a kë richtige Letzeburger derf e je vergiéssen.

ENN 1942 sin de' escht vun onse Jongen vun der Gestapo an d'preisischen Kasären gefeert gin. Et war zu der Zeit, wo' de' escht Strahlen vun der jongen Freihéts-sonn, de' zu Stalingrad opoggong, der ganzer zivilisativer Welt neie Mutt a nei Hoffnung ageflesst hun. Awer d'Hierz vun onsen Tyrannen hun sech net un der neier Sonn erwiermt. Mat engem grausamen Raffinement hun si et verstånen, Sécherhét a Liewen vun Elteren a Gesächster vun der Willfährigkeit vun de Jongen of-hängig ze machen. Wa mir de' gro'ss Verdengschter vun dese Jongen, de' an d'aktiv Resistenz goe konnten, bewonneren a réckhallois unerkennen — wa mir ons de' bëcken beim Undenken un de' Jongen, de' fir d'Land am Maquis gestuerwen sin — da mussen mir ons och verneigen virun all dén äneren, dénen hiren Affer der Hémecht duebel gedengt huet, well e Mamm a Papp vun der Deportatio'n sauveert huet. D'ganz Welt soll a muss et haut wössen, we' d'Letzeburger Jongen an de Krich geschléift si gin. D'Weisen vum «FEIERWON» a vun der «HEMECHT» am Monn sin se fortgängen — am Hierz den Do'd — op der Broscht e Medaillon vun der Muttergottes an eng blo-weiss-ro't Cocarde, de' hir ganz Loyallitét an hir ganz Le'ft zur Hémecht an zur Grande-Duchesse ausge-dréckt huet. D'Vertrauen an den Herrgott, d'Vertrauen an de' ge-recht cause vun den Alliéerten an domat an eng glécklech Zo'konft

vum klenge letzeburger Land, waren zugleich mat dem Häss ge'nt den Oennerdrécker de' stärk Peiler, de' hinnen erlåbt hun, de' stänneg an degradant Promiscuität vun den Nazien z'iwerdroen a Letzeburger ze bleiwen.

Aus de Bre'wen vun de Jongen an aus einwandfreien Deklaratio'n-en wösse mer, we' si sech do-baussen bedroen hun. Mir wössen, we' si a No't a Gefoer trei Frénd-schafte geschloss a sech gegen-seiteg opgemontert a frésche Mutt gemächt hun. Si hun all me'glech Sabotage gemächt an d'Resistenz bis an de' escht Frontlinien gedroen. Si hun Spionage gemächt, der önnérdréckter Populatio'n an de Partisanen gehollef, si hun hinen Renseignementer, Liewens-möttel a Waffen verschäft. Mir dierfen haut all de' Faktoren, de' d'Resistenz vun de Letzeburger Jongen mötten an der offener Feindschaft vun den Nazien ausgemächt hun, net me' verhém-lichen. Ons gro'ss alliéert Frénn, Russen, Amerikaner, Englänner a Franzo'sen sollen a müssen wössen, dass de Letzeburger Jong a senger preisischer Uniform kë Preiss war. All de' Desertio'n-en an d'russesch Linien, de' a Kenntnes an am gudde Glawen un de' Londoner Messagen erfollegt sin, be-wiesen ons et. Me' we' émol huet d'Zeidong «ONS JONGEN» intres-sant a wichteg Berichter bruecht iwer derarteg Sabotage a Resi-stenzakten vun onsen Jongen an der Wehrmacht — ech verweisen namentlech op d'Nummern vum 25. 8. an 12. 9. 45 —, an an Zo'konft bringt se, op d'Initiative vun der Elterenassociatio'n, eng stännech Rubrik doeriwer. Wann émol all de' Faït'en an Dokumen-ter zesummegestallt sin, wérde mer de' richteg Konklusio'n-en draus ze'en an dénen de Mont stoppen, de' behäpten, ons Jongen an der Wehrmacht wäre Preise gewescht.

Seit der Liberatio'n, de' de sieg-reiche Virmarsch vun den Alliéerten Arme'en ons bruecht huet, sin 3 Joer vergången. Mat Dank empfanne mer de' gro'ss materiell a moralesch Hellef, de' onst klenkt Land no der Liberatio'n vun den Alliéerten erfuer huet. Si huet him o'ni Zweiwel gehollef, de' schmierzlech Erfahroungen vun der Occupatio'n me' schnell ze ver-gléissen. Mir wössen, dass de' gro'ss Virdéler, de' ons vun den Alliéerten zu Dél si gin, net nem-men dem dápere Verhälten vun der Populatio'n, mé besonnesch dém gro'ssen Einfluss vun onser ver-eiter Grande-Duchesse ze ver-danken sin.

Wann eso' de' wirtschaftlech Folgen vun der Occupatio'n a vum Krich sech allmählech verwöschen an ömmer me' an den Hannergrond récken, huet d'Elterenassociatio'n de' traureg Pflicht, op eng gro'ss a nach ongehélt Wonn hin-zeweisen. Dir kennt se, dir Jongen, de' furchtbar Wonn um Klerper vun der Natio'n. Drei Joer no der Liberatio'n, zu enger Zeit, wo' vill Leit scho läng net me' un de Krich denken, feelen nach iwer 1900 vun Ere Kameroden beim Appel. D'é glécklechen Dâg vum November 1945, dén ons durch d'Evacuatio'n vum Lager vun TAMBOV iwer 500 Jongen erembruecht an d'Hierz vun déne nach verloszenen Elteren mat enger immenser Hoffnung erföllt huet, ass net me' eremkom. D'ganzt Joer 1946 huet ons nach 94 Jongen, de' 8 escht Me'nt vun 1947 am ganzen 6 Jongen bruecht. Dobei stét iwer e puer Me'nt de Wanter virun der Dir. Angesichts vun der furcht-barer Perspective froe mir jedér vun Iech, ob e seng Pflicht ge'nt de' abwesend Kameroden ganz erföllt a keng Láscht me' um Hierz huet, de' doranner besténg, dat en den Elteren eng Nöricht, sief et de' trauregst, virenhält. We' ech schon ugedeit hun, huet S. Exc. de Generol Golubiev, Chef vum russesche Rapatriement, ons eng nei gro'ss Hoffnung gin, an-

dém hién e neie Recensement vun alle Letzeburger ordonnéert huet. D'Associo'n vun den Elteren dankt heimat Hir Kincklechen He'héten der Grande-Duchesse, dem Prenz Felix an dem Prenz Jang fir de' Interventio'n, de' Sie eleng an desem Joer scho fir ons a fir d'Jongen gemächt hun. Si dankt allen inländeschen a friemen Autoritéten, besonnesch der russescher Regé'erong fir alles wat si fir ons Jongen ennerhuelen wollen. Si bled Iech, le'f Jongen, de' der d'Gléck huet an der Hémecht ze sin, Ert Gebied mat hirem ze verénegen, fir datt den Herrgott an d'Letzeburger Mutter-gottes sech der Jongen an der Elteren erbärmen a si geschwönn a glécklech zesummefé'ren.

Erweitert den Texh vun dera Ried, dei offus durch Pythens ennorbrech jousf, mi aus de' d' ganz seelisch d'Lueren an d'Angadt vun den Elteren eraus spiet dei noch deemoch nach keng Nöricht iwwer de Kämen a Jongen haten.